



# Erënnerungen un e Spéitsummerdag

De Muere louch en Hauch Schnéi op den Diech an op de Beem, lo géint Mëtteg ass e schonn nees zu Waasser. Et fiseimt dënn zënter zéng Auer, mä hie muss mam Hasso raus, wéi all Dag ëm des Zäit, dat ass sou mat den Hënn. Op der Bréck, wou d'Strooss iwwert d'Uelzecht an d'"Kromm Längten" féiert, bleift e wéi gewéinlech stoen. Hie schléit de Koll vun der Canadienne rop, dréckt sech den Hutt nach méi déif an d'Gesicht a stäipt sech fir een Abléck op dat naasst Gelänner. De Schéiferhond stuerkt tëschent den Trueljen erduerch an d'Waasser, dat zënter e puer Deeg bullibrong ass an drop an dru wëlles huet, iwwert d'Uwänner ze kloteren an a Wisen a Gäert ze schéissen. E puer Walfer Kuebe fléien duerch déi bronkeg Nätzt, 't misst een se froe firwat. No Schnéi fir Chrëschttag gesäit dat do nees eng Kéier net aus, mä dat kann ee jo well zënter Joerzéngte vergiessen.

Wéi en d'Waasser sou den Dall of gëschte gesäit, stinn him nees déi Biller virun Aen, déi him zënter dem Spéitsummer net méi ausdenke ginn. Genee wéi haut, stoung hien och deen Dag hei op der Bréck, mä et war e Wieder wéi aus dem Billerbuch. De Summer ass kee gewiescht, mä de September hat sech an sengen zwousch éischte Woche vun der allerbeschter Säit gewisen. Riets ënne bei der Bréck, an deem klengen ale Gaart, hu Kalbassen am Gras geliecht, a lénks an der Wiss laanscht d'Strooss hunn d'Äppelbeem schwéier gedroen. D'Uelzecht ass roueg gelaf an huet hiert meterlaangt Séigrashoer am Waasser danze gelooss. Méi ënneaus waren nach e puer Leit an de Gaardenhaisercher, e Grillfeier huet gebrannt.

D'Welt war ronn deen Dag. Hie weess et nach ganz genee, e Léierchen houg anzwousch an der Luucht, an huet säi Meescht an säi Bescht an d'Blot ra gesongen. Soss war et roueg, de Spektakel vun der Beggere Strooss huet een net an d'Ouer kritt oder iwwerhéiert. Den Hasso hat sech net nieft hie gesat, mä stoung op eemol do mam Schwanz ze wéitschen.

En hat eppes. Et war net schwéier rauszefanne wat. Eng fofzeg Meter hannert der Bréck op d'Klärstatioun zou, stoung e Bouf am Waasser. E war bis un d'Knéien dra gaangen, an 't huet ausgesinn, wéi wann

en eppes an d'Waasser baue wéilt. Ganz ongeféierlech war dat jo net, mä de Bouf huet geschéngt der schonn eelef, zwielef ze sinn a schwamme konnt e bestëmmt och. 't ass just, wie geet hautdesdaags an d'Uelzecht schwammen?, 't wëlle mol keng Fësch méi opkommen?

Hie goug mam Hond den Tälli of a laanscht d'Uwuer bis bei de Bouf. Deen huet sech net stéiere gelooss an ëmmer nees versicht, zwou blankgeschielten Holzgiewelen an de Grond vum Uelzechtbett ze brueden; mol stouch déi eng him nach ze wäit raus, mol goug déi aner him ze déif an.

„A wat soll dat da ginn, wann s de fäerdeg bass?“

„E Waasserrad.“ Wéi gesot, de Bouf huet mol net opgekuckt.

„E Waasserrad? Dat ass eppes Flottes. Wou ass et dann?“

„'t läit nach dovur op de Steng.“

„Hues du dat selwer gemaach? Ech duecht, d'Bouwe géifen haut just nach um Computer spillen.“

„Ma ech och. D'Waasserrad hunn ech aus engem Katalog raus gebaut.“

„Ech hat fréier och eent, och selwer gebastelt, an eiser Baach, doheem am Éislek. Mä d'Baach hat mer et nuets mat fort gespullt.“

De Bouf huet net drop geäntwert an sech d'Giewelen nach eng Kéier genee ugekuckt. „D'Achs vun der Millche muss fofzéng Zentimeter vum Waasser wech sinn, soss dréit se net,“ sot en dunn an huet sech säi Waasserrad um Uwuer gekroopt. Geschéckerlech huet en et op seng Giewele gesat, an d'Millchen huet sech druginn, wéi wann se nach ni eppes aneshtes gemaach hätt.

„Se dréit jo!“, huet hien dem Bouf gelaacht.

„Mm!“

De Bouf blouf am Waasser stoen an huet dem Spillchen nogekuckt, wéi wann en et net kéint gleewen. Seng kuerz Box war plätschnaass, mä en huet et sécher mol net gemierkt a gespiert.

Den Hasso huet un der Léngt gerappt, wéi wann en d'Flemm hätt.

„Dajee, dann ameséier dech nach gutt! A fal net an d'Waasser!“

Hie goug mam Hond nees op d'Bréck zou. Datt et nach sou eppes gétt, duecht e bei sech.

Deen huet dach eppes! Eng zéng Meter vun der Bréck ewech blouf den Hond stoen, huet bei d'Waasser gezunn an e puermol kuerz gebillt. Dat mécht e seelen.

Lo huet hien et och gesinn, 't war em, wéi e mam Hond rofkoum, net opgefällt. An der Uelzecht huet e Sak geleeën, gutt zwee Meter an d'Waasser ran, dat och hei nëmme knéihéich ass.

Konnt en sech wierklech net denken, wat dro dra war? Wat ass hien ugaangen, den Hasso vun der Léngt an an d'Waasser ze loossen? Deen huet eeriicht a wéi benzeg um uersene Sak gerappt, an 't huet keng hallef Minut gedauert, du ass deen an der Not opgefuehert. Et huet een Abléck gedauert, du sinn um Waasser erseeft Kaze gedriwwen. Véier Klenger an duerno och déi Al. Den Hond stoung am Waasser, wéi eng Statu, den zrassene Sak huet sech dem Séigras ugepasst un huet mat am Waasser gewénkt, méi wéi sécher bannena vun engem schwéiere Stee festgehalten.

„Géi séier aus dem Waasser, 't kënt eppes geschwommen!“, huet en dem Bouf zougeruff. „Hasso, raus do!“

De Bouf huet erféiert gefollegt. 't konnt een net gesinn, wéi no déi doudeg Kaze laanscht d'Millche gedriwwen sinn, mä de Bouf huet et matkritt. „Miissercher!“, huet en dem Mann zougeruff.

„Miissercher!“ Et kléngt him haut no dräi Méint nach an den Oueren. „Wie mécht sou eppes?“ Hie weess haut no dräi Méint nach genee, datt de Léierchen nach ëmmer an der Luucht houg oder schonn nees opgeklommen war, fir säi Lidd ze sangen. Hie weess, datt hien heemgoug, wéi wann een e geschloen hätt.

Den Hasso wéllt lo virun. Et fiseimt nach ëmmer. En eenzege Kueb sëtzt ganz uewen an där grousser Trauerweid an deet Kreesch. 't ass keen do, deen em äntwert.

Josy Braun